Rapport de réunion de la Commission du climat et de l'environnement

Date de la réunion : lundi, 1er juillet 2024
Lieu de réunion Centre Prince Henri, Walferdange
Heure de début : 19:00
Heure de fin : 20:30

Participantë, Memberen vun der Kommissioun :
1. Romain Breuer
2. Laurent Hennes ersat duerch Simone Breuer
3. Alain Hennes
4. Marie-Anne Leyder ersat duerch Edmée Schmit-Streff
5. Michèle Schmit (Sekretärin)
6. Richard Lütteke (President)
7. Mike Crawford, ersat duerch de Guy Urbany
8. Astrid Sigl, absente/excusée, net ersat
9. Laurent Schanck
10. Guy Medinger
11. David Michels ersat duerch den Alain Weins
12. Ricardo Baptista Barra
13. Ghislain Mbumbet

Participantë, Memberen vum Groupe de travail (participation citoyenne):
1. Carl Stever
2. Anne-Marie Theisen
3. Joël Fritz, absent
4. Mireille Weisgerber, absente
5. Chantal Zeyen

Ordre du jour
1. Plan de gestion forestière pour les 10 prochaines années (Här Parini)
2. Plan de coupe 2025 (Här Lichtenberger)
3. Divers
4. Subsides écologiques (mam Klimateam)

1. Plan de gestion forestière pour les 10 prochaines années
virgestallt vum Här Claude Parini
>> siehe Pdf mat der Powerpoint vun der Präsentatioun
Fokus:
- nohalteg Bëschverwaltung (heemesch Beemaarten, déi zum Buedem passen; net méi eraushuele wéi nowuesse kann etc.)
- fonction écologique, sociale et économique, d.h. d'Multifunktionnalitéit vum Bësch

Resumé:
D'Zil ass eng *forêt résiliant*
D'Iwwersiicht iwwer de Bësch zu Walfer:
- 215,09 ha, dovu mat Beem bedeckt (boisé): 208,83ha
- 199,8ha dovun ass surface productive
- 2 grouss Bëschparzellen plus eng kleng Parzell laanscht d'Uelzecht
- Buchen dominéiere mat iwwer 65%
- Vill Beem vun 140-180 Joer a vun 20-40 Joer (wéinst dem Stuerm an de 90er)

Gestallte Froe mat Äntwerte vum Här Parini an Här Lichtenberger:

Thematik Beem a Klimawandel

Fro: Wéi eng Aarte vu Beem gëlfe passe wëinst dem Klimawandel?
> D'Beem musse passen zu méi drëschene Summerverhältnisser, méi staarkem Wand a Probleemer mam Borkenkäfer (wat zu Walfer awer manner e Problem ass). Et gëtt net eng Baamaart, mee et muss ee schaffe mat verschiddenen Strukturen/Héichten.
D'Zil ass behutsam, net méi alles gläichzäiteg ofzeholzen an nees unzeplanze mee gestaffelt virzegoe fir e gutt Bëschklima ze haalen an eng héich Biomass.

Fro: Wéi ginn d'Buchen mam Klimawandel eenz ginn?
> Wou d'Buchen méi no beienee stinn, do si manner Probleemer. Verschidde Plazen, wéi zu Bärel, mat méi schwéierem Lehmbueden do hunn d'Buchen méi Probleemer, d'Eechen dotëscht manner. Uewen um Plateau briechen d'Buchen am Wand éischter ëm, ënnen tippen se mam Buedem ëm. D'Buchen verdroen och net wann se op emol Sonn op hire Stamm an Äscht kréien a kënnen och dowéinst futti goen.

Fro: Gesondheetszoustand vum Walfer Bësch
> Hei geet et nach, well d'Buchen hei am Sand stoen, am Verglach mat aneren Deeler vum Land. A well vill Deeler e "geschlossene" Bësch ass.
Eng Schätzung vum Här Lichtenberger: 6/10.
En plus ginn et zu Walfer net esou vill Fichte wéi an aner Deeler vum Land.

Thematik Beemfällen

Fro: Wat geschitt mat de Fichten, déi iwwerall amgaangen si futti ze goen?
> Se ginn net elo komplett fortgemaach, mee mam engem luesem Iwwergang.

Fro: An de forêt alluviale, firwat ginn do net méi Beem ewechgemaach?
> Dee Bësch lieft vun den Iwwerschwemmungen. Der Natur gëtt d'Aarbecht iwwerlooss an déi stäerkst Beem sëtzen sech duerch. Am Bësch par konter do gëtt e bëssen nogehollef. Do ass et esou datt dat wat an de nächste Joren kann erausgeholl gi manner héich ass wéi dat wat nokënnt. Dëst ass méi nohalteg an de Volume geet erop. Geschätzt gëtt wat pro Joer kann erausgeholl ginn ëm 3,6/ha/Joer.

Fro: Wou d'Holz higeet
> Et ass eng Kaskadennotzung:
1. Dat Bescht: et gëtt versteet, dofir huet ee keen Afloss drop wou et higeet (China etc.), meeschtens gëtt dëst Holz fir Miwwel benotzt, verschidden Eechenholz geet fir Wäin-/Eechenholzfässer a Frankräich.
2. Dotëscht: Pabeierproduktioun.
3. Dat Schlechtst: lokaalt Brennholz.

2. Plan de coupe 2025
virgestallt vum Här Gilles Lichtenberger
Thema: aménagement forestier, court terme (1 Joer)
>> siehe fiche détaillé

3. Divers
/

4. Subsides écologiques (mam Klimateam)

Froen, Diskussiounen, Kommentarer an Iddien:

Punkt 1
Fro: Kritt een en Zousaz wann een d'Solarzellen regional keeft?

> ass net virgesinn, well et ass baséiert op de Rechnunge/Subside vum Stad

Fro: D'Batterie sinn déi net virgesinn?
> Déi gi just subventionéiert wann et am Package vun de Solarzellen ass.

Diskussioun driwwer firwat d' "Virreider" net och eppes zréckbezuelt kréien.
> de Budget kënnt duerno.
> fréier huet een och méi krut wann een an d'Netz agespeist huet

Punkt - Reewaasser
Diskussioun doriwwer op ee misst ënnerscheeden tëscht eng fräistoenden Tank oder deenen am Buedem
> Bei der Ënnerscheedung op een den Tank an de Buedem mëscht (well méi deier) oder net, hei ware puer Leit der Meenung datt bei den Erdtanken misst méi bäigeluecht ginn.
> Déi aner Leit waren net där Meenung. Virun allem well déi iwwerierdesch keen Elektresch oder Pompel brauchen, a jiddereen sou eppes kéint zum Beispill bei e Gaardenhaische sëtzen.

Fro: wéi oft kann een dee Subsid ufroen?
> Subside sinn eemoleg.

Punkt - Ecologie:
Fro: Geet d'Gemeng dat kontrolléieren?
> Jo

Iddien:
- Réischt no engem Joer villäicht den "check" maache goen, änlech wéi wann een en Auto keeft
- Amplaz 3m2, proposéieren dat een e gewësse Prozent wéi 75% vu Steng misst fortmaachen, plus villäicht 3m2. Diskussioun duerno… Kies muss komplett ewechgemaach ginn
- Keng Folie ënnert de Planzen/Buedem

Punkt - Drëschemauer:
Fro: Bei den Drëschemaueren ass do de Gabion och okay?
> hei misst besser definéiert ginn, wéi ee Material benotzt gëtt, zum Beispill keng blénkeg, wäiss oder glat Steng.
Weidere Punkt dozou deen diskutéiert gouf a beduecht misst ginn, ass datt och bei den Drëschemaueren hannendru ka Beton benotzt ginn.

Punkt - Gros Electroménagers
Diskussioun - Bäisetzen vun ale Geräter ofhuelen oder net?
> Dergéint schwätzt datt een nei Stoter net wëll bestrofen.

Richard Lütteke — President

Michèle Schmit — Secrétaire